

Lëtzebuerg, de 25. Oktober 2020

Här Minister: Stoppt d'Märchestonn ! Iwwerhuel endlech Verantwortung, éier et ze spéit ass !

Trotz rasant klammenden Infektiounszuelen huet den Educatiounsminister entscheet, bis op Weideres keng nei Moosnamen an eise Schoulen z'ergräifen. **Während et an allen anere Beräicher vun eisem Liewen zu neien, aschneidenden, awer duerchaus berechtigten a sënnavollen Aschränkunge kënt, sollen an de Kllassesäll och weiderhi weder generell Maskepflicht nach Mindestofstand gëllen.**

Dass sech déi aktuell Mesuren aus dem Stufeplang „bewäert“ hunn an duerginn, wéi et säitens dem Educatiounsministère heescht, ass e Märchen. Et ass nämlech lo schonn a ganz ville Schoulen e gereegelte Präsenzunterricht net méi méiglech, well opgrond vu Quarantaine, souwuel vun Enseignante wéi och vu Schüler, ëmmer méi Schoulstonnen op Distanz musse gehale ginn, oder souguer ganz ausfalen, well Unterricht op Distanz a verschiddene Fächer (Sport, Travaux pratiques, Berufsausbildung...) ganz einfach net méiglech ass. **Duerch déi alarmant Entwécklung vun den Infektiounszuele wäert sech dës Situatioun an deene kommende Woche mat Sécherheet weider zouspëtzen, wa keng nei Moosnamen ergraff ginn, fir deem entgéintzewierken.**

Wéinst deenen staark steigenden Infektiounszuele fuerdert de Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP, dass den Educatiounsminister d'Decisioun fir eng generell Maskepflicht am Kllassesäll net méi op d'Direktiounen vun deenen eenzele Lycéeën ofwälzt, mee selwer Verantwortung iwwerhëlt, andeems hien eng permanent Maskepflicht och an de Kllassesäll imposéiert.

Well Maskepflicht a Stousslëften eleng bei där aktuell dramatescher Infektiounslag awer kaum wäerten duergoen, muss dréngend iwwert alternativ Unterrechtsmodeller nogeduecht an dës esou séier wéi méiglech ëmgesat ginn, mam Zil, d'Unzuel u Kontakter ze reduzéieren, a gläichzäiteg d'Bildungschance fir eis Schüler esou wäit wéi méiglech oprecht z'erhalen.

Sou kann ee sech d'Fro stellen, ob et net sënnvoll wär, zumindest fir déi iewescht Klassen (ab 4^e) eng Zäit laang op Distanzunterricht zrëckzegräifen. Och e System mat alternéierenden A/B - Gruppe kann hëllefen, d'Zuel vu Kontakter an der Schoul ze reduzéieren. Fir de Besoine vun deenen ënnerschiddleche Klasse gerecht ze ginn, si flexibel an individuell Léisunge gefuerdert. Sou ass et beispillsweis fir Schüler vun héije Klasse mat grousser Schülerunzuel aus dem Secondaire classique a général sécherlech méi ubruecht a méi liicht ëmsetzbar, op Distanz ënnerriicht ze ginn, wéi fir Léierbouwen a Léiermeedercher aus der Berufsausbildung, déi oft zu vill manner an enger Klasse beienee sinn a fir d'Erléiere vun hirem Handwerk zwéngend op Präsenzunterricht ugewise sinn. Natierlech stellen sech an deem Kontext dann och Froen zur Bewäertung, ma an där aktueller Situatioun huet d'Gesondheet vun de Schüler, den Enseignant an hire Familljen absolut Prioritéit.

Nëmmen andeems elo direkt, ouni nach weider wäertvoll Zäit ze verléieren, resolut duerchgegraff gëtt, kann nach verhënnert ginn, dass zu engem spéideren Zäitpunkt nach vill méi drastesch Restriktiounen wäerte mussen ergraff ginn, déi eis Schüler erëm während Wochen a Méint komplett vun der Schoul géifen ausschléissen a si op all Form vu soziale Kontakter misste verzichten.

Fir de Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP steet jiddefalls ausser Fro, dass déi aktuell Kris nëmmen duerch een entschlossent Handele vun deene politesch Verantwortlechen am Zesummewierke mat allen Acteure vum Terrain ka bewältegt ginn. **Grad dofir ass et besonnesch schockant, dass d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP als national representativ Gewerkschaft fir den Enseignement secondaire am lafende Schouljoer bis ewell nach zu kengem Moment vum Educatiounsminister op iergend eng Aart a Weis agebonne gouf !**

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP